LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°1437 vum 25. Oktober 2024 vun der éierewäerten Députéierten Madamm Stéphanie Weydert iwwert "Arbres biotopes"**

**Aféierung:**

Am Artikel 1 vum modifizéierte Règlement grand-ducal vum 1. August 2018 iwwert déi geschützte Biotopen a Liewensraim sinn d'Kritären definéiert déi ee Bam muss erfëlle fir dass en als "Biotopbam" betruecht gëtt. Am Artikel 3 Punkt 14 vun dem selwechte Reglement ass definéiert, dass all Moossnam, déi an engem Bësch duerchgefouert gëtt an déi mat sech bréngt datt dono manner wéi 2 "Biotopbeem" um Hektar stinn, als Reduktioun vun engem Biotop betruecht gëtt an dofir nom Artikel 17 vum Naturschutzgesetz verbueden ass. Dës Dispositioun ass sou formuléiert, datt ee Bëschbesëtzer ee "Biotopbam" dierf ewech maachen wann en geféierlech ass. Hie muss awer dofir suergen, datt nach mindestens zwee aner "Biotopbeem" pro Hektar am Bëschbestand stoe bleiwen.

**Ënnert wéi enge Konditiounen däerf e Proprietär e Bam, deen an enger Réserve naturelle steet, oder e "Biotopbam", ëmmaachen?**

Ee Bam deen an engem Bësch steet, deen als Réserve naturelle klasséiert ass, an deen eng Gefor kéint gi fir Mënschen déi sech op de Spadséierweeër an dësem Bësch beweegen, kann zu all Moment vum Proprietär oder Gestionnaire ewech gemaach ginn. Dëst gëllt och fir Biotopbeem. Et muss just garantéiert sinn, datt no dëser Aktioun nach genuch Biotopbeem an deem Bëschbestand stinn sou wéi vu besotem Reglement vum 1. August 2018 virgeschriwwen.

**Wat fir Prozedure muss de Proprietär ggf. an esou engem Fall anhalen?**

Dës Äntwert ass schonns an der Äntwert op d'Fro 1 enthalen: et ass keng extra Prozedur dofir virgesinn.

**Wéi gëtt assuréiert dat hei zäitno ka gehandelt ginn?**

Am Fall vun engem Bam deen sech an enger Réserve naturelle am Bësch befënnt, kann de Proprietär oder de Gestionnaire dëse Bam, wann en zu enger Gefor ginn ass, zu all Moment ewech maachen. Dat Selwescht gëllt fir ee Bam den als "Biotopbam" ausgewisen ginn ass.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit